

Un d'Membere vun der Kommissioun vum 3. Alter

*Copie: Gemengerot vun der Gemeng Kiischpelt
Secretariat Gemeng Kiischpelt*

Rapport vun der Kommissiouns Versammlung vum

02. Oktober 2026 (16:15) zu Wëlwerwolz

Présent: Sepp Pannrucker, Kaiser-Patz Josée, Lutgen-Lentz Antoinette

Abscent : Kaiser Yves

Ordre du jour

Punkt 1: Gruppfoto (Ufrp vun der Gemeng)

D'Foto kann Donneschdes, den 8. Oktober 2026 bei Geleeënheet vum Kaarte Nomëtten gemaach ginn.

Punkt 2: Besuch am HPPA zu Klierf

De Sepp freet bei hinnen op et méiglech ass fir den 24. Oder 27. November fir bei si op Besuch ze goen an e flotten Nomëtten do ze verbréngen.

Punkt 3: Visitt Nationalbibliothék

Als Datum gouf de 30. Oktober festgehalen. De Sepp mécht d'Invitatioun a schéckt se un d'Kommissioun, an duerno un d'Léit.

Punkt 4: Visitt Chreschtmaart

Den Datum gouf op den 4. Dezember festgehalen. De Sepp stellt de provisoiresche Programm op fir d'Visitt.

Punkt 5: Thé Dansant *November*

Dëse soll den 22. ~~Oktober~~ am Centre Communal zu Wëlwerwolz stattfannen. Fir d'Musek géife mir den Orchester Bluestars huelen. D'Antoinette këmmert sech ëm d'Organisatioun.

Punkt 6: Ciné Orion

Dëst ass e Projet op dat nächst Joer verluecht gëtt. De Sepp kuckt mat de Léit vum Kino wéi eng Filmer am Nomëtten lafen, déi interessant sinn. Mir fueren mam Zuch op Ëlwen





Kommissioun 3. Alter

Gemeng Kiischpelt

an mir ginn entweder virun der Virstellung, oder duerno zesummen eppes Eessen. Et bleift nach ze klären a wéi e Restaurant.

Punkt 7: Fleegeversécherung

Mir organiséieren en Infoowend zum Thema Fleegeversécherung. Den Yves hellt Kontakt mat hinnen op si dëst ubidden an wann jo, datt si eis Datumer proposéieren.

Punkt 8: Eessen vum 3. Alter

D'Eessen vum 3. Alter ass op den 10. Januar 2026 festgeluecht ginn. Mir sinn ëmgaangen ze kucke, ween mir huelen fir d'Eessen an de Service.

Punkt 9: Nächst Reunioun

Déi nächst Reunioun ass op den 13. November 2026 um 16:15 zu Wëlwerwolz op der Gemeng festgehale ginn.

Sepp Pannrucker

President

Yves Kaiser

Sekretär